



D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Proposition de loi 7793. Den Text steet am Document parlementaire 7793<sup>3</sup>.

#### Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 7793

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Proposition de loi ass bei 6 Jo-Stëmme géint 54 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui* : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ; MM. Sven Clement et Marc Goergen.

*Ont voté non* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Félix Eischen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Simone Asselborn-Bintz), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 7916 iwwert d'Organisatioun vun den Assem...

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- An d'Motiounen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Jo, déi waren eréischt verdeelt ginn. Si mer prett do derfir?

#### (Assentiment)

#### Motions

Jo, da komme mer zum Vott, zur Diskussioun respektiv dem Vott vun de Motiounen. Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1. Den Här Charles Margue freet direkt d'Wuert.

■ **M. Charles Margue** (*déi gréng*).- Ech géif, an der Logik vun eiem Vott, dee mer elo gemaach hunn, soen, mir géifen déi Motiounen net unhuelen. D'Konditioun vun der Integratioun ass nämlech einfach net ginn. An d'Nationalitéit huet jo awer och domat ze dinn, dass d'Leit hei liewen.

Ech fannen, dem Sven Clement seng Iwwerleeunge si ganz generéis, fir de Leit e Wénk ze ginn, dass se hei am Land iergendzousch kéinten opgehall ginn. Mee ech fannen et awer e wéineg wäit gegraff, esouwäit ze goen. A wéi gesot, Recouvrement ass eng Kéier decidéiert ginn a mir sollen en elo net erëm opmaachen. An deem Mooss géif ech soen, mir sollten déi zwou Motiounen net unhuelen. Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Margue. An da ginn ech d'Wuert un den Auteur vun der Motioun.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*), *auteur*.- Jo, merci, Här President. Ech hunn elo verstanen, wat zu där zweeter Motioun gesot gouf, nämlech datt se de Recouvrement net nach eng Kéier opmaache wëlen. Dat hunn ech mer bal geduecht. Et kann een et jo ëmmer nach eng Kéier probéieren. Dat ass hei d'Intentioun.

Mee zur éischter Motioun, fir gratis Onlinesproochecoursen a Civiquescoursë fir déi Leit, déi d'Nationalitéit schonn hunn, also lëtzebuergesch Staatsbürgerinnen a -bürger sinn: Do mengen ech awer, datt mer op alle Fall sollten eng Onlineoffer hunn. Well mir kënnen net dovunner ausgoen ... Déi Leit - an dat wëll ech just soen - hunn alleguerten en Openthaltsrecht par défaut hei zu Lëtzebuerg. Mir schwätze vill iwwer Integratioun an esou. Da sollte mer weinstens eng gratis Onlineoffer fir déi maachen, déi haut leider net besteet.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Clement. An ech ginn d'Wuert zréck un den Här Charles Margue.

■ **M. Charles Margue** (*déi gréng*).- Entschëllegt effektiv, dass ech alles an een Dëppe gehäit hat. Ech géif proposéieren, wann de Sven Clement domat d'accord ass, dass mer dat eng Kéier an der Kommissioun kéinten diskutéieren.

■ **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Justice*.- Här President, kann ech vläicht eppes dozou soen? Ech menge wierklech net, dass mer dat müssen diskutéieren an der Kommissioun. Well d'Positioun

vun der Regierung hei ass op alle Fall kloer, dass mer dat doten net brauchen. All Mënsch, deen d'Lëtzebuerger Nationalitéit huet, oder och anerer, kann natierlech Lëtzebuergeschcoursen huelen. A vun dohier mengen ech net, dass ... Also, eng Diskussioun op deem dote Punkt, déi kënnt Der da gären ënnert lech féieren, mee déi bréngt op alle Fall an eiser Presenz näisch.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Madamm Justizministesch.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*), *auteur*.- D'Regierung ass also géint Onlinecoursen!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech mengen, mir géifen elo zum Vott vun de Motiounen kommen.

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1.

#### Vote sur la motion 1

De Vott fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 1 ass bei 7 Jo-Stëmme géint 52 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement : la motion 1 est rejetée par 8 voix pour et 52 voix contre.*

*Ont voté oui* : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

*Ont voté non* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Martine Hansen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Da kéime mer direkt zur Motioun Nummer 2.

#### Vote sur la motion 2

De Vott fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration.

D'Motioun Nummer 2 ass bei 6 Jo-Stëmme géint 54 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui* : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

*Ont voté non* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Martine Hansen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M M. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Simone Asselborn-Bintz), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Georges Engel), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

### 16. 7916 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 23 septembre 2020 portant des mesures concernant la tenue de réunions dans les sociétés et dans les autres personnes morales

Da kéime mer elo zum nächste Punkt vum Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 7916 iwwert d'Organi-

satioun vun den Assemblées générales. Mam Accord vun der zoustänneger Kommissioun, gëtt no der Presentatioun vum Rapporteur ouni Diskussioun iwwert de Projet de loi ofgestëmmt. An ech géif direkt d'Wuert un de Rapporteur ginn, an dat ass den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

■ **Une voix**.- D'Regierung ass derfir.

#### (Hilarité et interruptions)

#### Rapport de Commission de la Justice

■ **M. Charles Margue** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et geet, wéi Der et gesot hutt, ëm de Gesetzesprojet 7916. Et geet hei drëms, dass mer d'Moossnamen aus dem modifizéierte Gesetz vum 23. September 2020 ëm ee Joer, bis den 31. Dezember d'nächst Joer, also 2022, verlängeren. Et handelt sech ëm d'Versammlungen an de Gesellschaften a bei den anere Personnes morales. All déi Sitzunge kënnen op Basis vun dësem Text virtuell ofgehalen ginn - müssen dat awer net. Mir schafe just hei méi Flexibilitéit, fir handlungsfäeg ze bleiwen, jee nodeems wéi d'Covidsituatioun sech entwéckelt.

D'Versammlungen, déi en présentiel ofgehalen ginn, müssen natierlech am Respekt vun de sanitäre Virschrëften ofgehalen ginn, déi dann dee Moment a Kraaft sinn.

Am Avis vun der Chambre des Notaires begrëisse si dëse Projet. Si sinn awer net frou, dass si net méi am Artikel 2 Punkt 14 figuréieren. D'Chambre de Commerce begrëisst ausdrécklech och déi pragmatesch Léisung, déi dëst Gesetz erméiglecht. De Staatsrot huet den 30. November gréng Luucht ginn, nodeems de Projet de 24. deposéiert gi war vun der Justizministesch. D'Justizkommissioun huet sech den 8. Dezember fir d'éischt dermat befaasst, de Rapporteur bestëmmt. An de Rapport hu mer de 14. Dezember ugehall.

Domadder soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren.

#### (Hilarité et interruptions)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Margue.

Wéi virdrun ugekënnegt, komme mer ouni Diskussioun elo direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7916. Den Text steet am Document parlementaire 7916<sup>4</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7916

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugehall.

*Ont voté oui* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Félix Eischen), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova (par M. François Benoy), MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

### 17. 7917 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 20 juin 2020 portant adaptation temporaire de certaines modalités procédurales en matière pénale

Den nächste Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 7917 iwwer eng zäitweilig Upassung vu verschiddene Strofprozeduren. Och hei gëtt mam Accord vun der zoustänneger Kommissioun no der Presentatioun vum Rapporteur ouni Diskussioun iwwert de Projet de loi ofgestëmmt. An ech géif d'Wuert un de Rapporteur vum Projet de loi ginn, den honorabelen Här Pim Knaff.

#### Rapport de la Commission de la Justice

■ **M. Pim Knaff** (DP), *rapporteur*.- Voilà. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 7917 verlängert eng weider Kéier temporäre

Adaptatiounen vun der Procédure pénale. Verschidden Dispositiounen ware schonn d'lescht Joer am Juni agefouert ginn, an dunn eng éischt Kéier am Dezember 2020, an eng zweete Kéier am Juli 2021 adaptéiert a verlängert ginn.

Deen neien Delai vun dësem Text, deen ech haut presentéieren, ass dann de 15. Juli 2022. Dat heescht, datt dës Verlängerung viraussichtlech emol bis un d'Enn vun der Année judiciaire gëllt, déi elo amgaang ass. Zu deem Zäitpunkt wäert een dann och weider gesinn, wéi sech déi sanitär Situatioun entwéckelt huet an da weider decidéieren, ob ee verlängert oder adaptéiert.

Bis dohin erlaabt dësen Text eis awer weiderhi juristesche Demarchen, déi normalerweis op der Plaz gemaach ginn, elo op anere Weeër ze erleedegen an domat d'Distanzen anzehalen an den Ustiechungsrisiko tëschent de Leit ze reduzéieren.

Si sinn hei schonn am Kontext vun de viregten Texter opgezielt ginn, mee ech géif dann trotzdem nach eng Kéier vun der Geleeënheet profitéieren, fir kuerz op déi eenzel Artikelen anzegoen.

D'Artikelen 1 an 2 betreffen d'Notifikatioun vun Ordonnanze bei Saisien a Requêtes. Dës kënnen weider, wéi dat elo och scho gemaach ginn ass, per Post, per Fax oder per Mail zougestallt ginn. Den Destinataire ass dann och weiderhi verpflichtet, där Ordonnanz nozekommen. Falls dës Persoun sech duerch hir Kooperatioun géif selwer incriminéieren, ass se heivunner natierlech ausgeschloss. Fir all déi aner Fäll, wou eng Persoun sollt refuséieren, enger Ordonnanz nozekommen, sinn da weiderhi Strofe virgesinn.

Zu den Auditiounen vun den Zeien - an dat wär den Artikel 3 -, do ass et esou, datt d'Auditiounen vun Zeien am Fall vun enger Enquête de flagrance, enger Enquête préliminaire oder op Uerder vum Untersuchungsriichter am Kader vun enger éischter Instruktioun kënnen weiderhi mat Hëllef vu Mëttel aus der Telekommunikatioun gemaach ginn. An dësem Fall gëtt dann d'Identitéit vum Temoïn kontrolléiert a verifizéiert. D'Auditiounen kënnen och opgehall ginn an et kann och e Procès verbal dresséiert ginn. Wann den Zeien da mam Contenu averstanen ass, da kann en dat ënnerschreien.

Och d'Mandante kënnen sech laut dem Artikel 4 am Kontext vun enger Prozedur vun hirem Affekot iwwer Telekommunikatioun assistéiere loossen, also eng Assistance juridique ...

#### (Interruption par la présidence)

### 18. Respect d'une minute de silence

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Dir Dammen an Dir Hären, et ass elo 11.59 Auer, an ech erlabe mer, lech ze ënnerbriechen, fir just eng, awer eng wichteg Minutt. Esou wéi et de Moien decidéiert gouf op Proposition vun Här Yves Cruchten, géif d'Chamber elo eng Minutt Silence maachen a Solidaritéit mam Gesondheetssektor.

Mir ënnerstëtzen domat net nëmmen de Gesondheetssektor, mir weisen domat eise Respekt fir en onermiddlechen Asaz, deen ni vergiess wäert ginn. Mir gedenken domat och den Affer vun der Pandemie. Mir huelen och - vläicht haaptsächlech - de Ruff ëm Hëllef wouer: dee vun Gesondheetspersonal. Dofir och mäi Ruff no bausse: Loosst lech impfen!

Dir Dammen an Dir Hären, et ass 12.00 Auer an ech si frou, datt Der opgestane sidd fir eng Minutt. Ech soen lech Merci.

#### (Respect d'une minute de silence)

Ech soen lech Merci. Ech soen dem Gesondheetspersonal Merci.

### 19. 7917 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 20 juin 2020 portant adaptation temporaire de certaines modalités procédurales en matière pénale (suite)

Mir fueren elo do weider, wou mer stoebliwwen waren ...

■ **Plusieurs voix**.- Genau do!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- ... an ech géif dem Här Pim Knaff nees d'Wuert ginn.

■ **Plusieurs voix**.- Genau do!

#### Rapport de la Commission de la Justice (suite)

■ **M. Pim Knaff** (DP), *rapporteur*.- ... via Telekomunikatioun an Usproch huelen.

■ **Plusieurs voix**.- A!

#### (Hilarité)

■ **M. Pim Knaff** (DP), *rapporteur*.- Dës Gespréicher si komplett confidentiel a ginn och zu kengem Zäitpunkt enregistréiert.

D'Artikelen 6, 7, 8 an 9 betreffen déi verschidde Procéduren d'appel géint Ordonnanze vum Untersuchungsriichter oder der Chambre du conseil géint